SHORT NEWS

### Intérim illégal ?

Que le « succès » des boîtes d'intérim va de pair avec la dégradation des conditions de travail est un fait bien établi. Par contre, que l'Etat luxembourgeois lui-même en fasse les frais est un phénomène plutôt nouveau. Dans une question parlementaire adressée au ministre du travail Nicolas Schmit, l'ex-secrétaire général du LCGB et désormais parlementaire CSV, Marc Spautz, s'étonne que de nombreuses boîtes d'intérim luxembourgeoises embauchent des travailleurs français, dans le but de les faire repasser derrière la frontière pour la mission temporaire qui leur est confiée. Le hic : en agissant de la sorte, les boîtes contournent les charges sociales françaises plus élevées que sur le sol grand-ducal. Dans sa réponse, Schmit confirme l'existence du phénomène et donne même le chiffre de 20.500 missions exécutées en France, par des Français embauchés au grand-duché. Pourtant, selon Schmit, cette pratique n'est plus d'actualité après le 1er mai 2010, date à laquelle une nouvelle législation européenne est entrée en vigueur et qui donne le droit à la sécurité sociale luxembourgeoise de transmettre « la demande d'affiliation à l'institution compétente française », lorsqu'un travailleur français remplit une mission dans son pays d'origine - qu'il ait été embauché au grand-duché ou non. Comme quoi, le libre-échange européen a aussi ses limites.

### Mehr Rassismus in Luxemburg?

Eine CEPS-Umfrage im Rahmen der European Values-Studien sorgte in Luxemburg unlängst für Schlagzeilen. 1.610 Luxemburger waren darin nach ihren Präferenzen und Abneigungen gegenüber ihrer Nachbarschaft befragt worden. Das Ergebnis: Rund jeder 5. Luxemburger möchte nur ungern Tür an Tür mit Homosexuellen, Menschen mit HI-Virus, Migranten, Juden oder Muslimen leben. Angehörige der Sinti und Roma lehnen sogar 27 Prozent der Luxemburger ab. Kann man deshalb pauschal von einem Anwachsen des Rassismus und Antisemitismus in Luxemburg sprechen? „Fremdenhass auf dem Vormarsch" heißt es jedenfalls in einer Presseerklärung der jonk gréng, die angibt, absolut schockiert angesichts der Ergebnisse der Studie zu sein. Ein Artikel in „Le Quotidien" warnt hingegen vor einer zu raschen Verallgemeinerung und zieht die Legitimität solcher Studien in Zweifel. In Zeiten anwachsender nationaler Reflexe und rassistischer Äußerungen à la Sarkozy, Hortefeux oder Sarrazin passe eine solche Studie zu gut ins Bild derer, die Rassismus gesamt-europäisch wieder am Aufkeimen sehen und den Teufel an die Wand malen wollten. Glaubt man den Verfassern der Studie, so hatten diese vor allem ein Feststellen der nachbarschaftlichen Solidarität im Sinn. Doch sind Rassismus und Solidarität überhaupt messbar?

*woxx@home*

### Inculte, le woxx ?

Dans notre édition de la semaine dernière, une de nos rédactrices se plaignait du dernier film d'Alain Courneau - au point où elle décernait à « Crime d'amour » un Filmflop de plus basse catégorie. Certes, la woxxie n'a pas la faculté de voir l'avenir, car si elle avait su que Corneau allait décéder deux jours après la parution de son petit article, peut-être y aurait-elle mis des nuances. Mais ainsi, le woxx se retrouve, comme souvent, à contre-courant : alors que la presse nationale et internationale s'épanchait en nécrologies élogieuses du réalisateur défunt, nous étions bien les seuls à railler Alain Courneau. Comme quoi, même la mort subite n'empêche pas de nommer un navet un navet.

CITIZEN

ATHLEETE-QUEESCH

# Laboratoire fir Zesummeliewen

Interview: Farzel

**Queesch:** ***Wat ass d'Verständnis vu Sport an d'Roll vu Sport an der Gesellschaft fir d'International Sports and Culture Association?***

**Jean-Luc Frast:** Sport ass fir eis eng Aktivitéit, déi zwëscht Leit stattfënnt a wou d'Element Spill eng wichteg Roll spillt als Bréckebauer zwëscht Mënschen, Kulturen a Liewensstiler. Et ass jo och dee gréissten Aktivitéitssecteur, an deem Mënschen sech engagéieren a wou wahrscheinlech och am meeschte Benevoler aktiv sinn, vu Supporteren, Spiller an Trainere bis Comitésmemberen. An der Jugendaarbecht ass Sport en exzellenten Outil fir Jonker u gesellschaftlech Themen erunzeféieren. Sport a Sportorganisatiounen iwwerhuele méi a méi hir Verantwortung als zivilgesellschaftlech Akteuren a beschäftegen sech ëmmer méi mat Theme wéi Gesondheet, Ëmwelt, Integratioun. Mär versti Sport als Kultur vun der Beweegung, an deem Sënn datt d'Ausübung vum Sport och Léierprozesser beim Mënsch stimuléiert an doduerch och e kulturellen a sozialen Austausch stattfënnt.

***Steet déi Vue net am Kontrast zu enger Gesellschaft, an där de Mainstream-Sport éischter eppes Passives ass, wat konsuméiert gëtt?***

Wann een ënner Sport virun allem dat versteet, wat een op der Tele gesäit, da jo. De Phänomen, datt ëmmer méi Leit an de Fitnesszenter ginn, fir sech ze beweegen, féiert dozou, datt déi sozial Komponent vum Sport verluer geet. Do ginn et och elo Tendenzen, déi dodrop reagéieren - et gëtt zum Beispill dänesch an och däitsch Turnveräiner, déi Klub-Fitness ubidden, wou s du dann awer an enger Equipe trainéiers a wou och verschidde Qualitéitsstandarden duerch gutt ausgebilten Trainere garantéiert ginn. Fitnesszenteren hunn eben de Virdeel, datt se vill méi flexibel sinn. Du kanns dohinnergoen, wéini s de wëlls, du hues keng Verpflichtunge par rapport zu enger Equipe, du beschäftegs dech just mat dengen eegene Bedürfnisser. Et ass ee Modell fir Beweegung, dee voll op eng individualistesch Gesellschaft zougeschnidden ass. Et entstinn awer och Zwëschemodeller, zwëscht immens staarker Integratioun an absolutem Individualismus, nämlech wou den urbane Raum benotzt gëtt (Parcours, Skate, Streetfootball). (...)

***Huet d'Identifikatioun mat engem Klub an déi ganz Ritualer, déi domadder ze dinn hunn, och eng gesellschaftlech Roll? Gesäis du déi just als negativ?***

Verschidden Elementer vun der Identitéit vun engem Klub sinn eng Reflektioun vun der Realitéit a vum Kontext, an deem de Klub sech situéiert. Zum Beispill Glasgow, wou et zwee grouss Klibb gëtt a wou et eng reliéis Komponent vun der Identitéit gëtt, oder Mailand, wou d'Relatioun zum Faschismus déi zwee Klibb vuneneen ënnerscheet, oder Lissabon, wou et d'sozial Klass ass, déi eng aner ass beim Sporting a bei Benfica. Ob dat elo positiv oder negativ ass, kann een net esou soen. Sport ass einfach eng Plattform, wou Konflikter kënnen ausgedroe ginn, wou dat awer net muss sinn. Do kann een sech zum Beispill d'Kampagne „Unite Against Racism" vun der UEFA géint Rassismus ukucken, déi jo éischter positiv ass, mee dat bedeit jo net, dass ewell all Fan sech mat den Ziler vun der UEFA identifizéiert oder dass all Klub sech wierklech mat der Kampagne beschäftegt.

***Wéi gesäis du déi Iwwerkommerzialiséierung vum Sport? Ass déi an Amerika nach méi krass wéi an Europa, a wat bréngt dat mat sech?***

Demokratie ass an héichkommerzialiséierte Ligae wéi NBA, NHL, NFL, MLB ganz bedéngt existent. Do geet et virun allem ëm: éischtens Profit fir déi Leit oder Aktionären, déi d'Liga oder de Sport besëtzen; zweetens eng gewësse „Competitive Balance" ze garantéieren, dat heescht ze kucken, datt un sech jidderee gewanne kann. Dat ass e komplexen Equiliber zwëscht Regelen, finanziellen Investitiounen, dem Equipment an dem Sportler. Am Basket an Amerika zum Beispill huet ee wesentlech méi Time-Outs (wou een d'Spill kann ënnerbriechen) wéi an Europa. Elo hunn se esouguer nach een extra agefouert, bei deem et guer net méi ëm Strategiediskussioun geet, mee ëm méi Werbung.

**Anert Beispill:** Firwat gëtt net vill Volleyball an awer vill Beachvolleyball um Fernseh gewisen? Well d'Regelen esou geännert gi sinn, datt d'Spiller, virun allem d'Spillerinnen, esou wéineg wéi méiglech däerfen undoen. Doduerch kucken da méi Leit dat, an et sinn och rëm méi Werbeeinnahmen ze maachen. Am Fong geet et drëms, fir esou Sportaarte méi fernsehfrëndlech, also méi kommerziell wäertvoll ze maachen. Dat wäert och als Konsequenz hunn, datt ëmmer manner Sport um ëffentleche Fernseh gewise gëtt, well d'Rechter einfach esou deier ginn an dat nëmmen nach fir Pay-TV finanzéierbar ass. (...)



***Ass Amerika just e schlecht Virbild?***

Am grousse Ganze kann ee wuel soen, datt an Amerika eng Form vu kapitalisteschem Kommunismus de professionelle Sport dominéiert. D'Mannschafte musse mat vun der Liga festgeluegte Budgeten auskommen, also et gëtt e maximale Budget, deen et da verhënnert, datt eng Equipe sech all d'Stars ka kafen. D'Fernsehrechter an d'Einnahme ginn zu engem groussen Deel gläich zwëschen de Klibb verdeelt. Den Draft, also den Akaf vun neie Spiller, ass esou gereegelt, datt déi schwaachsten Equipe als éischt wielen däerf an déi stäerksten Equipe als lescht. Et gëtt also probéiert, no all Saison d'Kaarten nei ze mëschen an och déi finanziell Méiglechkeete vun de Klibb am Gläichgewiicht ze halen. Zu gudder Lescht gëtt et keng Relegatioun. Also d'Ligae si geschlossen an et kann ee weder op- nach ofsteigen (well all Kéiers, wann en ofsteigt, e Klubb finanziell ruinéiert wier). En interessante Mix vu Moossnahmen, deen och dozou féiert, datt déi professionell Ligaen héich profitabel sinn, well se eng stabil Grondlag hunn, am Géigesaz zu den europäesche Veräiner, vun deenen 80 % kontinuell Defiziter erwirtschaften an da vun zwilichtege Gestalten ewéi dem Abramovic musse gesponsert ginn.

QUEESCH NR. 23

## Corpore sano, mens sana

(RK) - Sporttreiben ist sinnvoll, auch wenn es in linken Kreisen eher verpönt ist. Das suggeriert zumindest das Cover der jüngsten Queesch-Ausgabe: Zwei sportliche junge Menschen laufen selbstsicher einem voll ausgerüsteten Polizisten davon. Die Themenpalette des Dossiers reicht von Hacking-Sport bis zu Fußball und Homophobie. Hervorzuheben sind ein Interview zu den „Ultras du foot", eines zum „Kyudo, tir à l'arc japonais", und eine englischsprachige Besprechung des Buches „Corps et âme, carnets ethnographiques d'un apprenti boxeur". Auszüge aus einem Interview mit Jean-Luc Frast sind nebenstehend abgedruckt.
Das alternative Magazin kultiviert neben dem Körper auch den Geist. Im „Gefarzelt"-Gespräch erläutern drei Aktivisten ihr Ja zur Meinungsvielfalt innerhalb der „Jonk Lénk" bei sensiblen Themen wie Gewalt, Parlamentarismus oder Israel. Außerdem bekommen sie Ratschläge in Sachen Selbstorganisation von einem alten Kämpen. Interessant ist der Bericht einer Jugendlichen über einen Alkohol-Abstinenz-Selbstversuch. Die bunte Mischung dieser Athleten-Queesch enthält darüber hinaus News zur Si-je-veux-Kampagne, Besprechungen indischer Filme und ein Rezept für vegane Mousse au Chocolat. Nach dem Motto „Sport a Musek" liegt dem Heft eine CD bei, produziert von dem neuen Label „Poisson Rivière", das auch per Interview vorgestellt wird.

SHORT NEWS

## ADR fordert mehr Demokratie

Eine Woche ist bereits vergangen, seitdem die ADR in einer Pressekonferenz kundtat, unser aktuelles Wahlsystem sei im Prinzip sogar verfassungswidrig. Die zentrale Frage war einfach formuliert: Steht der Artikel 117 des Wahlgesetztes im Einklang mit dem Artikel 10bis der Verfassung? Ersterer bestimmt die Mandatszahl pro Bezirk und letzterer besagt, dass alle Luxemburger gleich vor dem Gesetz sind. Es ist tatsächlich nicht von der Hand zu weisen, dass die Wählerstimmen je nach Wahlbezirk ein unterschiedliches Gewicht besitzen, was die ADR für äußerst undemokratisch hält. Denn hätte man bei den letzten Wahlen die Stimmen „demokratischer" in Mandate umgerechnet, so besäße die Randgruppierung nun einen Fraktionsstatus. Kein Wunder also, dass sich Robert Mehlen für eine Änderung des Wahlsystems ausspricht. Schließlich hätte er gern sein Mandat behalten und Gast Gibéryen wäre auch lieber Fraktionsabgeordneter anstatt nur Abgeordneter. Folglich ist auch die Forderung nicht verwunderlich, die Mindestzahl der Abgeordneten um eine Fraktion zu bilden, auf vier - oder sogar drei - herunterzusetzen. Andere kleine Parteien haben sich bislang noch nicht zu Wort gemeldet, um am Wahlsystem rütteln. Nach der Rentrée will die ADR ihr Sommerloch-Thema aber nochmals aufkochen lassen.

## Über Gewalttätigkeit verhandeln?

Nur wenige Tage bevor in Esch-Alzette eine Frau von ihrem Ehemann erstochen wurde, deponierte Chancengleichheitsministerin Françoise Hetto-Gaasch (CSV) am 28. August ein Reformprojekt zum Gesetz über häusliche Gewalt von 2003. Vorgesehen sind nun drei größere Neuerungen: Zunächst soll die Wegweisungsperiode von TäterInnen von 10 auf 14 Tage erweitert werden, eine Forderung, die bereits 2003 von den mit der Opferbetreuung befassten NGOs aufgestellt worden war. Daneben sollen aber auch die Opferkategorien erweitert werden, auf die im Gesetz vorgesehene Täterwegweisung anwendbar ist - zum Beispiel auf Geschwister. Schließlich werden die Empfehlungen des im Gesetz vorgesehenen Begleitkomitees aufgegriffen, im Haushalt lebende Kinder im Fall einer Wegweisung besser zu betreuen, sowie die Verpflichtung der TäterInnen strenger zu handhaben, die für Täterarbeit zuständige Stelle „Riicht eraus"aufzusuchen. 2009, so heißt es im Gesetzesentwurf, kontaktierten bei 302 Wegweisungen nur 12% die Institution - die Zahl der Wegweisungen, die sich auf 84% Täter und 16% Täterinnen aufteilt, hat sich übrigens laut Jahresbericht des Komitees seit 2004 verdoppelt. Die neue Ministerin schlägt allerdings nun auch die Möglichkeit einer Mediation zwischen TäterIn und Opfer vor, die im aktuellen Gesetz explizit verboten ist - eine damalige Forderung der Opferschutzorganisationen

## Une zone Natura 2000 laissée à l'abondon

Greenpeace s'étonne que depuis le début de la semaine dernière, Sotel a repris les travaux dans la zone Natura 2000 Differdange Est-Prenzebierg afin d'y installer une ligne haute tension pour approvisionner Arcelor-Mittal avec de l'électricité nucléaire française. Sotel a défriché en toute illégalité les arbres de la zone de conservation qui se trouvaient sur leur chemin, alors que l'autorisation ministérielle spécifie que l'abattage des arbres, haies et buissons est strictement limité à la période du 1er novembre au 28 février. Greenpeace vient de déposer un référé auprès du tribunal administratif en début de semaine. Vu le peu d'intérêt manifesté jusqu'à présent par les autorités, les militants de Greenpeace ont décidé de rester présent dans la zone naturelle jusqu'à l'analyse du référé mardi prochain. L'organisation reproche ouvertement au ministère du Développement durable et des Infrastructures, au Chef de l'arrondissement Sud de la conservation de la nature et au préposé forestier de la commune de Differdange de fermer les yeux sur toutes les irrégularités et les infractions commises par Sotel dans la réalisation de ce chantier.